# MIR ERËNNEREN EIS
# 9.8.2019



pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du







# SOLIDARITÉIT ouni Grenzen

Eigentlech war den 9. August 2019 en Dag ewéi all aneren. Bis am Nomëtteg, bannt e puer Minutten, alles aneschters war. Wat ewéi e schwéiert Donnerwieder ausgesinn huet, sollt sech als eng vill méi uereg Naturgewalt erausstellen, déi virun näischt a kengem Halt gemaach huet: en Tornado.

Mat enger Geschwindegkeet vu méi wéi 180km an der Stonn huet en Tornado d'Liewe vun enger ganzer Rei Familljen aus der Péitenger Gemeng op d'Kopp gehäit, hiirt Hab a Gutt méi oder manner staark beschiedegt, iert en dunn iwwer d'Bomicht weidergezunn ass an och an eiser Nopeschgemeng Käerjeng ganz vill Schued ugeriicht huet. Et ware just e puer Minutten, awer e puer Minutten, déi e Liewe laang am Gediechtnes vun deene Betraffenen, awer och vun allen Awunner bleiwen, déi d'Konsequenze vun dëser Katastrof hautno materlieft hunn. Glécklecherweis, esou muss een awer ënnersträichen, ass bei dëser Naturkatastrof keen ëm d'Liewe komm. Et goufe 14 Blesséierter, dovunner 2 schwéier Blesséierter. An dach, fir déi Leit, déi dësen Tornado hautno erlieft hunn, ass en net méi aus dem Gediechtnes ze kréien. Si wäerten d'Biller e Liewe laang virun den A gesinn.

Eng ganz Rëtsch Leit, deenen hir Logementer vum Tornado getraff goufen, waren an der Vakanz an hu mussen telefonesch iwwer d'Lag heiheem informéiert ginn oder si hunn sech selwer gemelt, well d'Noriicht uerchter d'Welt bericht gouf. Vill vun hinnen hunn d'Heemrees direkt ugetrueden iwwerdeems anerer der Famill oder Frënn d'Charge ginn hunn, sech zäitweileg ëm alles ze këmmeren, dat, bis si eng Méiglechkeet haten, nees op Lëtzebuerg ze kommen.

An och fir déi Bierger a Biergerinnen, déi kee Schued ze bekloen haten, war den Ubléck vun esou enger Naturkatastrof bal net ze begräifen. Besonnesch well déi Biller eis all aus dem Ausland bekannt waren, mir eis se hei awer net esou richteg virstelle konnten. Et ass eng Saach, d'Auswierkunge vun engem Tornado um Fernseh oder um Internet ze gesinn; et ass eng aner Saach, wann ee mattendran a 'live' derbäi ass.

Loosse mir awer e Bléck op d'Auswierkunge geheien, déi den Tornado op sengem Wee duerch eis Gemeng hannerlooss huet:

- méi wéi 100 Haiser a Wunnénge goufe méi oder manner schwéier beschiedegt,
- 30 Logementer waren zäitweileg net méi bewunnbar, déi meescht dovunner zu Péiteng,







- ronn 50 Leit waren an den Hoteler Threeland a Gulliver relogéiert ginn, dee gréissten Deel koum awer bei Famill oder Frënn ënner,
- Autoen, Gäert, Griewer, Luuchtepoteauen, Schëlter a villes méi hunn och zu deene Saache gezielt, déi beschiedegt goufen,
- Zich sinn ausgefall, Busse konnten net fueren, de Stroum war zäitweileg fort.



D'Gemeng huet direkt all Hiewel a Beweegung gesat fir de Leit esou gutt et goung ze hëllefen. Eng Hotline – den 8002 80 80 – gouf nach deeselwechten Dag ageriicht, wou déi Betraffe sech konnte melden. D'Mataarbechter vun der Gemeng, déi sëlleche Fräiwëlleg vun no a vu wäit, de CGDIS, d'Police, d'Arméi a vill anerer, déi een hei net all kann opzielen, si all ware bannt kuerzer Zäit op der Plaz fir eng Hand mat unzepaken. Zwou Wochen hunn si Dag fir Dag geschafft an opgeraumt fir nees e Gefill vun Normalitéit an d'Gemeng ze bréngen.



Och vun offizieller Säit, sief et vun de Versécherungen oder de Ministèren,  ass versicht ginn, séier anzegräifen. Sief et duerch d'Logéieren oder duerch eng finanziell Ënnerstëtzung. Informatiounsversammlunge fir a mat deene Betraffene goufen an der Gemeng Péiteng an och zu Käerjeng ofgehale fir z'erklären, wéi d'Leit solle virgoen, u ween si sech kéinten a sollte wenden.

Zu Péiteng ewéi och zu Käerjeng, zwou Gemengen, déi an deene schwéieren Zäiten un engem Strang gezunn hunn, goufe Spende fir d'Affer vun den Associatiounen Fir e gudden Zweck – Gemeng Péiteng a Käerjeng hëlleft gesammelt. Dobäi koumen 1.029.968€ zesummen, déi an 3 Tranchen un déi Leit ausbezuelt goufen, deenen hir Schied net vun der Assurance ofgedeckt gouf, an déi en Dossier eragereecht haten. Dat waren der 114 zu Péiteng an 51 zu Käerjeng. All Dossier gouf vum Office social gekuckt an duerno un de „Comité du suivi" weidergeleet, deen entscheet huet, wat u ween ausbezuelt géif ginn.





Den Tornado huet am Ganze Schied vun iwwer 100 Milliounen Euro verursaacht. Et goufen, laut der ACA, ronn 4000 Schied gemelt, dovunner ware 70% Wunnengen an 30% Autoen. Schied, déi mëttlerweil zum ganz groussen Deel behuewe sinn. Wat bleift sinn déi traumatesch Erënnerunge mat deenen d'Leit sech mussen auserneesëtzen. Awer ech si sécher, datt si, mat beschtméiglecher Hëllef och eng Kéier doriwwer ewechkommen.

An dach, bei all deem Misär, deen entstanen ass, hunn sech bei de Bierger aus der Gemeng Péiteng, bei de Bierger aus eisen Nopeschgemengen an deenen immens vill Mënsche vu wäit iwwer eise Gemengen- a Landesgrenzen eraus, Eegenschaften erauskristalliséiert, déi een net genuch ënnersträiche kann: si hunn all zesummegehalen, si hunn een deem anere gehollef, si hu Solidaritéit bewisen. Et war eng Lektioun, eng Erënnerung, datt mir net géint d'Naturgewalten ukommen, awer et war och a virun allem eng Erënnerung dorunner, datt mir Mënsche si mat Häerz a Matgefill, déi zesummen an enger Gemeinschaft staark sinn. Dat dierfen a solle mir nie vergiessen!

Aus dësem Grond huet de Gemengerot entscheet, eng Skulptur – entworf vun der Lëtzebuerger Kënschtlerin Florence Hoffmann – zu Péiteng op der Stadhausplaz als Erënnerung un den Tornado ze realiséieren. Donieft ginn och 5 Plaquen op deene Plazen, wou de Stuerm ganz vill Schied hannerlooss huet, am Buedem agebaut, déi de Wee vum Tornado undeiten. Jo, et soll eng Erënnerung sinn un dës Naturkatastrof, et soll awer virun allem och eng Erënnerung sinn un déi aussergewéinlech Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft an deene schwéieren Zäiten.

**Pierre MELLINA**
Buergermeeschter vun der Péitenger Gemeng






# «Histoire.s»

La sculpture monumentale intitulée « Histoire.s» présente des livres surdimensionnés qui sont empilés les uns sur les autres. En leur sommet figure un ouvrage en position ouverte et dont certaines feuilles s'envolent.

Cette œuvre est à considérer comme illustrant les annales de la ville de Pétange qui a écrit une page nouvelle de son histoire en ce jour fatidique du 9 août 2019 lorsqu'une tornade, phénomène jusque-là inconnu dans la région, en a sévèrement ravagé certaines habitations, rues et alentours.

Dans la partie inférieure de la sculpture, des livres sont empilés de manière assez statique et donc stable. Ensuite plus on élève le regard, plus ceux-ci sont décalés.

Ainsi est figuré un certain équilibre/déséquilibre, à l'instar de la vie.


Ces volumes déplacés les uns par rapport aux autres génèrent une dynamique singulière et confèrent d'intéressantes sinuosités à un ensemble relativement angulaire.



















Selon l’endroit où l’on se place, ces courbes et contre-courbes sont plus ou moins manifestes.

Le mouvement qui se dégage de la sculpture symbolise ces précieux élans d’entr’aide et de fraternité qui se sont développés naturellement. Il rend hommage à ces impulsions citoyennes spontanées de partage et de générosité, advenues aux niveaux communal, régional, national et international.

Si « Histoire.s » pérennise un événement inédit qui a impacté la mémoire collective tout comme elle aura marqué les habitants aux niveaux personnel et individuel, elle matérialise la résilience et le regard vers l’avenir.

En effet si les feuilles volantes du sommet évoquent le vent, elles nous suggèrent aussi des envolées, des perspectives:

**«E Bléck erop. An no vir.»**




MIR ERENNEREN EIS
NÉNGTEN AUGUST ZWEEDAUSENDNONZENG

# Plaque commémorative

## « Néngten August Zweedausendnonzeng, mir erënneren eis »




La plaque commémorative « Néngten August Zweedausendnonzeng, mir erënneren eis » a été conçue et dessinée par l'artiste Florence Hoffmann. Il s'agit d'une variation sur les thèmes du vent, d'éléments en suspension qui flottent, virevoltent, s'envolent. Par ailleurs cette composition graphique fait référence à la sculpture-colonne-de-livres, également créée par la plasticienne luxembourgeoise, qui orne désormais la Place J.F. Kennedy à Pétange.

Cette plaque se veut honorer tant la souffrance que le courage et la résilience des personnes sinistrées par la tornade du 9 août 2019. Installée en cinq endroits de la commune, elle reconstitue le parcours de la tornade qui a ravagé et gravement endommagé les habitations, notamment celles de la rue des Romains et du Quartier Vullesang à Rodange, de la rue des Prés à Lamadelaine ainsi que de la rue Neuve et de la route de Luxembourg à Pétange.







# Florence HOFFMANN

Diplômée e.a. de l'Ecole Supérieure d'Arts Graphiques Met de Penninghen, ancienne Académie Julian à Paris, Florence Hoffmann vit principalement au Luxembourg.

Artiste professionnelle indépendante elle a participé au cours des deux dernières décennies e.a. aux grandes expositions internationales telles que Open Venice, Den Haag Sculptuur ainsi qu'à moult symposiums de sculpture en Europe, aux Amériques et en Asie.

Par ailleurs Florence Hoffmann porte le titre de manager pour le Luxembourg au sein de AIESM association internationale de sculptures monumentales www.aiesm.com. C'est en cette qualité qu'elle a organisé pendant 19 ans l'annuel symposium international de sculpture Gare Art Festival qui a fêté son 20e anniversaire en 2021 ainsi que le tout récent "Feierfestival" avec la commune de Käerjeng dans le cadre d'Esch 2022.

Travaillant tous les matériaux possibles (pierre, bois, terre, plâtre, bronze, acier, aluminium, résine, béton, neige, sable, feu, objets usuels) elle en étudie les limites, en en repoussant les contraintes physiques au maximum, et n'hésitant pas - selon le projet - à recouvrir à l'art de l'installation et à celui de la photo.

Elle compte des oeuvres installées dans les espaces privé et public.

Divers prix et reconnaissances jalonnent son parcours.

## COLLECTIONS PUBLIQUES

- au Luxembourg: Ville d'Esch/Alzette, Ville de Pétange, Fondation Félix Chomé, Parc Hary Godefroid à Rodange, Ministère de la Culture, Bibliothèque Nationale, Lycée Michel Rodange à Luxembourg, Parcours Konscht am Besch à Schifflange, Mairie de Grosbous, Sièges de la BCEE Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, CNFPC Centre National de la Formation Professionnelle Continue Esch/Alzette, Journal Tageblatt, MHVL Musée d'Histoire de la Ville de Luxembourg
- en Europe: Ville de Bila Tsverka (Ukraine), Ville d'Innsbruck (Autriche), Jardin de Sculptures d' Aubazine (France), Commune d'Escherange/Molvange (France),
- aux Amériques: Ville d'Ecatepec de Morelos (Mexique), Ville de San Luis Potosi (Mexique), Musée-Atelier Miguel Hernandez Urban à Tultepec (Mexique), Piste Cyclable de L'Estriade - Granby (Canada), Parc des Trois-Bérêts - Saint-Jean-Port-Joli (Canada)
- en Asie: Shaanxi Province Museum Ville de Xi'An (Chine), Musée de la Ville de Songyang (Chine), Ville de Songkhla (Thaïlande), Musée du Vocational College - Ubon Ratchathani (Thailande), Musée de la Rajabhat University - Ubon Ratchathani (Thaïlande), Toyamura International Sculpture Biennial (Japon).

## DISTINCTIONS

| | |
|---|---|
| 2019 | Médaille du Chevalier de l'Ordre de Mérite du G-D de Luxembourg |
| 2014 | Prix du Public, Concours Melusina, Ville de Luxembourg (L) |
| 2014 | 2e Prix, Concours Melusina, Ville de Luxembourg (L) |
| 2012 | 4e Prix, Biennale Reg 'Art, Kayl-Tétange (L) |
| 2012 | Prix Inspiring Women in Arts, Luxembourg (L) |
| 2001 | Prix d'Encouragement, Biennale des Jeunes Artistes, Esch-sur-Alzette (L) |
| 1997 | 2e Prix, Concours International Sculpture sur Neige, Granby (Can) |
| 1995 | Prix du Public, Concours Internat. Sculpture sur Neige, Granby (Can) |

## SOCIAL MEDIA

| | |
|---|---|
| Homepage | www.florencehoffmann.net |
| Instagram | @florencehoffmann_bookartist |
| | @fire.sculptures.luxembourg |
| | @gareartfestival |
| LinkedIn | Florence Hoffmann |
| Facebook/Meta | @artistflorencehoffmann |
| | @florencehoffmannartist |
| | @breathebyflorencehoffmann |

## FOIRES D'ART

2021 Art Gwanju (Corée)
2020 Art Karlsruhe (D)
2019 Busan Art Fair (Corée) / Discovery Art Cologne (D)
2018 Luxembourg Art Fair / Antwerp Art Fair (B)
2017 Luxembourg Art Fair
2016 Luxembourg Art Week (L) / Berliner Liste (D)
2014 Contemporary Istanbul (Turquie)

## SCULPTURALEMENT VÔTRE

Artiste pluridisciplinaire au dynamisme ébouriffant, Florence Hoffmann, depuis près de deux décennies, peut se targuer d'une production à la belle amplitude. De l'art éphémère à la sculpture monumentale dans l'espace urbain, la plasticienne fait preuve d'une audace créatrice, d'une implication et d'un engagement sans limite dans la vie artistique luxembourgeoise.




Organisatrice et fondatrice de nombreux événements tels que des symposia de sculpture ou des expositions inédites, elle a rapidement connu une renommée bien au-delà des frontières du Luxembourg.



Son vocabulaire épuré fait mouche. Sa manière d'intellectualiser ses œuvres sans gloser, sa prescience de l'humain, sa perméabilité au monde qui l'entoure métamorphosent son travail plastique en de subtiles parcelles d'intériorité, en des réceptacles de ce qui fait la richesse de l'individu.

Nathalie BECKER


pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du